N°719
Entrée le 10.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

De 6te Mee gouf et eng Entrevue tëscht dem Ministère des transports an Info-Handicap. An der Entrevue goung et virun allem ëm Problemer ronderëm de Service vum Adapto, deen an der leschte Joren ëmmer nees wéinst enger Rei vun Dysfonctionnementer massiv an der Kritik stoung. Vun Info-Handicap gouf e Sondage ënnert hire Membere gemaach, fir Informatiounen iwwert verschidden Aspekter vum Adapto ze sammelen.

Ee vun de grousse Problemer ass, dass d'Adresse vum Navigatiounssystem net erkannt ginn. Dës Erfarung hu 40,61% vun den 197 Persounen, déi un dëser Ëmfro deelgeholl hunn, scho misste maachen.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kann d'Ministesch erklären, wéi et méiglech ass, dass et zu souville Fäll komme konnt, wou de Navigatiounssystem d'Adress net kannt huet?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten